Session ordinaire 2014-2015

# Projet de loi N°6788 portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant établissant une procédure de présentation de communications, signé à Genève le 28 février 2012

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Pünktlech zum 25. Geburtsdag vun der UNO Kannerrechtskonventioun, wann och nët op den Dag genee, ratifizéiert Lëtzebuerg haut den 3. Fakultativen Zousazprotokoll zu dëser internationaler Konventioun. Deen erméiglecht, dass d'Kanner a Jugendlech, eenzel oder am Grupp, respektiv duerch en rechtlechen Vertrieder, hir Rechter elo direkt bei den Vereenten Natiounen kënnen akloen. Merci dem Rapporteur, deen eis dat elo just genee mëndlech an  a séngem schrëftlechen Rapport beschriwwen huet.

Dat erlabt mer am Numm vun der CSV just op e puer Aspekter anzegoen.

Lëtzebuerg ass domat dat 18. Land vun den UNO Memberlänner dat dësen Zousazprotokoll duerch sein Parlament unhuelen léisst, niewt den 49 Länner déi bis den 27. Juni 2015 ënnerschriwwen haten. Ënnerschriwwen haat Lëtzebuerg dat Dokument awer schon den 1. méiglechen Dag wou den Protokoll opgaang ass fir d'Ënnerschrëft, an zwar den 28. Februar 2012, ënnert der viiregter Regierungskoalitioun.

Domat huet Lëtzebuerg eng Viirreiderroll ageholl! Et louch iwregens schon en Avant-projet de loi do am Summer 2013`   !

Kannerrechter sinn Mënscherechter an hunn dofir, an den Aen vun der CSV, e besonneschen Stellewert.

D'CSV begréisst deemno ausdrécklech d'Plus-value vun deem Protokoll. Et ass eng Opwärtung vun der UNO Kannerrechtskonventioun, well si de leschten UNO Traité war, deen nach keen individuellt Recht virgesinn hat fir Klo ze féiren. Den UNO Kannerrechtskomitee war dat eenzegt Organ vun den Vereenten Natiounen, dat nët de Pouvoir hat fir eenzele Plainten nozegoen.

E weideren Meilesteen also fir d'Kannerrechter!

Et ass unzehuelen, dass den Impakt fir Lëtzebuerg awer éischter symbolescher Natur wärt sinn, well mir jo schon zënter dem 25. Juli 2002 e gesetzlech verankert Gremium hunn dat, ënner anerem, zoustänneg ass fir de verschiddenen individuellen Plainten nozegoen, an zwar  den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand (ORK). Dee gëtt awer elo schon praktesch iwerschwemmt mat Eenzelfäll.
Di nei individuell UNO Plainte-Prozedur spillt jo, wéi mer héiren hunn, nëmmen wann all rechtlech Mëttel an deem jeweilegen Staat ausgeschäfft sinn an nach weider Konditiounen erfëllt sinn, ënner anerem muss eng schrëftlech Demande innerhalb vun 12 Méint

virleien. Den ORK séngersäits, geseit en direkten Zougank vir fir d’Kanner iwer E-mail oder Telefon, ouni dass e Bréif muss geschriwwen ginn. En huet och 1 Internet-Site an ass op Facebook. An trotzdem stellt e sech a séngem Rapport vun 2014 selwer d’Fro vun sénger eegener Visibilitéit, well an deenen 13 Joer wou et den ORK elo gëtt, hu sech séier wéineg Kanner a Jugendlech do gemellt. Den ORK fuerdert méi kannerfrëndlech Reklamatiounsméiglechkeeten hei am Land, déi méi no um Liewensalldag vun de Kanner sinn, spréch lokal, an och méi eng kandgerecht Justiz. De Conseil de l’Europe recommandéiert eng gesetzlech Verankerung vu Plainte’s Prozeduren, déi liicht accessibel fir Kanner a verschiddenen Kontexter sinn.

De virleienden Protokoll soll, laut séngem Artikel 17, och der breeder Ëffentlechkeet aktiv zougänglech gemaach an den Accès zu den Informatiounen garantéiert ginn am Fall vun Affären wou Lëtzebuerg betraff wier, ugepasst un di Erwuessen, d’Kanner, och déi mat spezifeschen Besoinën.

Dofir hat d’CSV och bei den Diskussiounen zum Gesetzesprojet an der zoustänneger Chamberskommissioun d’Remarque vum Staatsrot opgegraff an hannerfrot, ob d’Regierung di néideg Mëttelen dofir virgesinn dofir hätt? Den Här Minister huet an Aussicht gestallt, dass fir 2016 déi néideg Ufro fir méi Ressourcen giff gemaach ginn.

Dat geet awer an den Aen vun der CSV nët duer. Dofir ofschléissend e puer Froen un den Här Minister:

- Wéi e Kommunkatiounskonzept huet d'Regierung an dëser Saach? Ginn den Kannerjugendtelefon an de Centre de médiation mat agebonnen?
- Wéi wäit ass d'Regierung mat hirer ugekënnegter schneller Reform vum Gesetz vum ORK? Ginn do och Plainte's-prozeduren geregelt? Kënnen d'Kanner assistance judiciaire, also en Affekot ufroen? D'CSV fënnt dat wier eng néideg Reform a plaidéiert doriwer eraus fir d'Opstellen vun engem nationalen Aktiounsplang (PAN) fir d'Kannerrechter, esou wéi am Beräich vun der Egalité des Chances. Dat am Dialog mat allen Bedeelegten, ech betounen "am Dialog", well dat ass nämlech nët grad de Stil vun der aktueller Regierung... A sénger Äntwert op der Mme Modert a meng Question parlementaire, seet de Minister et wier en informellen interministeriellen Aarbechtsgrupp domat befaasst. Wéi weit sinn di Aarbechten?
- Gëtt dem Impakt vun dësem Protokoll bei der méi wéi dringender Reform vum Jugendschutzgesetz, wou e.a. dësen Aarbechtsgrupp soll eng legal Basis kréien, Rechnung gedroen?
- Wéi wäit ass d'Regierung mat hiren Iwerleeungen zu den institutionnellen Froen ronderëm d'Ubannung vun sämtlechen Mënscherechtsgremien un d'Chamber, nodeems

d’Mënscherechtskommissioun sech geäussert huet, léiwer beim Staatsminister affectéiert ze bleiwen?

- Kënnt et zu enger “Maison des Droits de l’Homme” wou d’Mënscherechtskommissioun, d’Médiateure, den ORK an den Centre d’Egalité de Traitement (CET) kënnen räimlech regruppéiert ginn? Wa jo, wéini? An ass d’Visibilitéit vum ORK do garantéiert?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,
Domat ginn ech den Accord vun der CSV Fraktioun zu dësem Gesetzeprojet.